ass. Dat ass ëmsou méi verwonnerlech, wou dëse Projet alles aneschters wéi onausgeräift oder iwwert de Knéi gebrach ass.

Ech wollt d'Madame Minister duerfir froen, wat déi eigentlech Ursaach ass, firwat si kee Pilotprojet an deem Sënn ulafe wéllt loossen. An ech wollt si froen, ob si net wéinstens e Groupe d'experts zesummesetze wéilt, dee sech dësem Sujet an enger éischter Etapp kéint unhuelen.

Här President, déi zweesproocheg Schoul ass eng Chance fir all Kand. Kommt, mir notzen dës Chance am Intérêt vun de Kanner an am Intérêt vun eiser Gesellschaft!

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Bauler. Elo kritt d'Wuert d'Madame Erzéiungsministesch Mady Delvaux-Stehres.

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.*- Här President, den honorabelen Deputéierten huet elo just eng laang oder eng relativ kuerz Beschreiwung gemaach vun den Erausfuerderunge fir d'Lëtzebuerger Schoul, déi ech och deelen.

Mir sinn effektiv konfrontéiert mat enger grousser Heterogenitéit. D'Zuel vun de Kanner, déi nach Lëtzebuergesch als éischt Sprooch schwätzen, déi hëlt permanent of an der Lëtzebuerger Schoul. Mir hunn also de Moment am Précoce nach 44% vun de Kanner, déi Lëtzebuergesch als éischt Sprooch schwätzen. Mir hunn also eng richteg Erausfuerderung, fir d'Kanner zu Lëtzebuerg mat där Villsproochegkeet, déi eis jo esou um Häerz läit, ze familiariséieren.

Duerfir, trotz deene Prämissen, déi den Här Bauler hei duergeluecht huet, hunn ech awer nach Schwieregkeeten, säi Projet vun enger bilinguer Schoul hei nozevollzéien. Well en fait ass eis Schoul bilingue. Mir hunn eng Schoul, wou Däitsch a Franséisch geléiert gëtt vu klengem un. An och nach d'Lëtzebuergescht derbäi. Dat heescht, mir hunn eigentlech eng dräisproocheg Schoul. An dat ass jo ebe fir immens vill Kanner eng riseg Erausfuerderung.

Duerfir si mer jo och amgaangen - säit dem Plan d'action langues -, fir d'Ziler, d'Objektiver vun deenen eenzelne Sproochen ze preziséieren an ze kucken, wéi mer d'Villsproochegkeet kënnen halen, ouni de Kanner doduerch den Accès zu enger Qualifikatioun ewechzehuelen.

Déi Froen, déi den Här Bauler mer gestallt huet, denken ech, dass se zilen op déi kleng Schoul vu Walfer, wat en fait eng franséisch Schoul war. Dat war eng franséisch Schoul, wou och nach Däitsch geléiert ginn ass. Dat war net a priori eng bilingue Schoul. Duerfir denken ech, da war Ar Fro schlecht gestallt. Wann ech se net verstanen hunn, dann denken ech, dass nach vill Leit se net verstanen hunn.

Duerfir wëll ech soen, all eis Schoule si villsproocheg. „Eis Schoul" war e Projet, fir ebe just ze kucken, wéi mer mat der Villsproochegkeet kënnen ëmgoen, wéi ee kéint anescht alphabetiséieren. An ech sinn dat Lescht, wat mech verschléisst fir Projeten, déi gutt duerchduecht sinn, wou ech Träger hunn, wou mer d'Ziler definéieren, wou mer dann och décidéieren: Wou maache mer déi Schoul? A wéi engem Gebai? Mat wéi engen Enseignanten? Wéi rekrutéiere mer d'Kanner, déi dohinnerginn?

Dat alles - wëll ech soen - implizéiert neierdéngs e Gesetz. Dat war fréier méi einfach. An deem ale Schoulgesetz sinn e ganze Koup Saache méiglech gewiescht. An deem neie Schoulgesetz, wa mer déi fundamental Regelen ännere vum Programm, vum Encadrement, vum Rekrutement, well dat wär jo dann net eng normal Quartiersschoul, dat wär jo eng Extraschoul, da musse mer e Gesetz maachen. An dat bedéngt natierlech ganz vill Viraarbecht.

Wéi gesot, ech verschléisse mech net engem Projet. Wa seng Objektiver, Ziler - wéi gëtt en evaluéiert? -, wann dat alles kloer ass, da sinn ech selbstverständlech mat derbäi.

M. le Président.- Merci der Madame Éducationsministesch. Den Här Bauler kann nach eng Zousazfro stellen. Dat schéngt en net méi wëllen ze maachen.

Domadder wier d'Diskussioun ofgeschloss, a mir kommen elo zum éischte Projet de loi vun haut de Mëtteg, nämlech dem Projet de loi 6251 iwwert déi néideg Ännerungen, fir d'Evaluatioun vu Kanner, déi spezifesch schoulesch Hëllefe brauchen, ze erméiglechen. Hei ass d'Riedezäit nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: d'Madame Tessy Scholtes, den Här Eugène Berger, den Här Adam, den Här Kartheiser an den Här Hoffmann. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Fernand Diederich. Här Diederich, Dir hutt d'Wuert.

6. 6251 - Projet de loi visant l'accès aux qualifications scolaires et professionnelles des élèves à besoins éducatifs particuliers et portant modification
a) de la loi modifiée du 14 mars 1973 portant création d'instituts et de services d'éducation différenciée;
b) de la loi modifiée du 25 juin 2004 portant organisation des lycées et lycées techniques

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de la Formation professionnelle et des Sports

M. Fernand Diederich *(LSAP), rapporteur.*- Merci, Här President. Madame Minister, Dir Dammen an Dir Hären, dëse Projet de loi ass de 14. Februar 2011 duerch d'Madame Minister vun der Éducation nationale déposéiert ginn. Véier Chambres professionnelles hunn dozou hiren Avis ofginn. De Projet ass doriwwer eraus nach aviséiert ginn duerch de Centre pour l'égalité de traitement, duerch de Conseil supérieur des personnes handicapées souwéi duerch d'A.s.b.l. Solidarität mit Hörgeschädigten.

Den 12. a 14. Mee war d'Presentatioun vum Projet an der Chamberskommissioun, wou eng Rei parlamentaresch Amendementen ugeholl goufen, wouzou de Conseil d'État sech an engem Avis complémentaire vum 21. Juni geäussert huet. Dësen Avis gouf vun der Kommissioun den 30. Juni analyséiert, an de Rapport, deen eis hei virläit, gouf ugeholl.

Den Objet vum Projet besteet doran, déi Arrangementer ze definéieren, déi verschidde Schüler kënnen zougestane ginn, fir et hinnen ze erlaben, den Unterrecht an der Klass ze suivéieren an déi verschidden Evaluatiounen ze bestoen, déi zu enger Certificatioun féieren. D'Prozeduren, déi ze respektéiere sinn, gi festgeluecht, souwéi d'Autoritéiten, déi berechtegt sinn, iwwert déi entspriechend Arrangementer ze entscheeden.

Viséiert si Schüler, déi an der Lag sinn, den normale Schoulprogramm ze suivéieren an déi entspriechend Prüfungen ze bestoen, déi awer Problemer hu wéinst engem Handicap oder enger Krankheet. Si gi Schüler mat besonnesche schoulesche Besoinë genannt - des élèves à besoins éducatifs particuliers. D'Betounung läit hei bei dëser Definitioun net op de Mängel vum Schüler, mä op der Sich no Äntwerten op déi entspriechend Besoinen.

Et si Schüler, déi capabel sinn, dank der Hëllef vu genau definéierten Upassungen den normale Schoulprogramm ze suivéieren, ouni datt, wéi am Enseignement fondamental, op een individualiséierte Plang zréckgegraff gëtt. Heiduerch ënnerscheede se sech vun de Schüler mat spezifesche schoulesche Besoinen, Élèves à besoins éducatifs spécifiques, wéi se an de Gesetzer a Reglementer iwwert den Enseignement fondamental definéiert sinn, déi net déi entspriechend Sockele fir déi verschidden Zyklen erreechen a fir déi een individuelle Léierplang opgestallt gëtt.

D'Schüler, déi an dësem Projet viséiert sinn, gehéieren an de Grupp A, wéi e vun der OCDE definéiert ass. Et si Schüler mat Schwieregkeeten, déi op erwisene sougenannten organeschen Defiziter berouen. D'Schüler, ëm déi et an dësem Projet geet, kënnen ee Problem hu mat hirem Gehéier, hirer Vue, hirer Motricitéit. Si kënnen en organesche Schued hunn, eng spezifesch sproochlech respektiv autistesch Stéierung oder ënner enger laangwiereger oder permanenter Krankheet leiden.

Déi aktuell Reglementatioun gesäit souzesoe keng Moossname fir dës Schüler aus dem Enseignement secondaire a Secondaire technique, dem berufflechen Unterrecht souwéi der Formation des adultes vir, wéi et an den internationale Konventiounen, wéi an der Konventioun vun der UNO iwwert d'Rechter vun den handicapéierte Persoune virgesinn ass, déi vu Lëtzebuerg signéiert ass a vun der Chamber muer soll ratifizéiert ginn.

Eng Sensibiliséierungscampagne soll fir eng positiv Astellung géintiwwer dem Handicap suergen an d'Viruerteeler bekämpfen, dëst op der Basis vun enger besserer Informatioun. D'Ausbildungsprogrammer fir d'Enseignantë sollen eng positiv Approche vum Handicap vermëttelen, mat dem Zil, d'Diskriminatiounen ze bekämpfen a fir inklusiv Communautés scolaires ze suergen. Duerfir brauche mer motivéiert an engagéiert Enseignanten, fir all Kand d'Chance ze ginn, Fortschrëtter ze maachen an ze weisen, wouzou et fäeg ass.

Dëse Projet soll déi Integratioun méiglech maachen an Hiweiser ginn, wat d'Evaluatioun an d'Certificatioun ubelaangt. D'Aménagementer, déi kënnen décidéiert ginn, bezéie sech op den Unterrecht an der Klass; d'Aufgaben, déi de Schüler muss maachen; d'Prüfungen, d'Épreuves vun de Schlussexamen an d'Projets intégrés.

Folgend Upassunge kann de Lycéesdirekter op Virschlag vun der Referenzpersoun décidéieren: d'Ariichtung vum Klassesall souwéi vun dem Schüler senger Plaz; eventuell ee separate Sall fir d'Prüfungen an eng adaptéiert Presentatioun vun de Questionnairen. Heirënner falen d'Gréisst vun der Schrëft, de Gebrauch vu Faarwen oder d'Froestellung a Brailleschrëft. Et ass net virgesinn, Ännerungen um Inhalt oder um Schwieregkeetsgrad virzehuelen oder déi eng oder aner Fro ewechzeloossen.

Folgend Aménagementer gi vum Conseil de classe décidéiert, op Propositioun vun der Referenzpersoun: d'Dispens vun engem Deel vun de Prüfungen, déi pro Trimester oder Semester virgesi sinn; d'Ersetze vun engem Deel vun de Prüfungen duerch eng eenzeg Épreuve um Enn vum Trimester oder Semester; d'Berücksichtegung fir d'Joresresultat vun de Schoulresultater aus engem oder zwee Trimesteren oder engem Semester.

Weider Upassunge gi vun der Commission des aménagements raisonnables décidéiert: De Schüler ka méi Zäit kréie fir seng Prüfung oder däerf supplementar Pause maachen. D'Épreuvë vum Ofschlossexame kënnen op zwou Sessiounen opgedeelt ginn; verschidden Épreuvë kënnen ausserhalb der Schoul ofgehale ginn, doheem oder an enger Institutioun, zum Beispill an engem Spidol. Et kann op technologesch a mënschlech Hëllefen zréckgegraff ginn, fir bestehend Defiziter auszegläichen.

Et kann op een orthographesche Vérificateur zum Beispill zréckgegraff ginn, deen de Schüler op ee Feeler hiweist, awer net déi richteg Äntwert liwwert, esou datt de Schüler muss selwer d'Korrektioun maachen. Dispensë kënnen erdeelt gi fir mëndlech, praktesch, physesch Épreuven oder fir ee Modul. De Schüler ka sech och fir d'Erléiere vu gewësse Matièren zäitweileg an enger anerer Klass ophalen. Den Dossier kann un déi national Commission médico-psychopédagogique iwwerwise ginn.

An den Artikele 6 a 7 ginn d'Aufgaben an d'Zesummesetzung vun der Commission des aménagements raisonnables fixéiert, déi aus siwe Persoune besteet, déi fir en Terme renouvelable vun dräi Joer vum Minister vun der Éducation nationale genannt ginn. D'Kommissioun gëtt vum Direkter vum Centre de psychologie et d'orientation scolaires presidéiert, an hir Délibératioune si confidentiel.

Am Kapitel 4 ginn d'Prozedure festgeluecht, déi musse respektéiert ginn. Et sinn Délaie virgesi souwéi e Recours bei der nationaler Commission médico-psychopédagogique. D'Zertifikater an d'Diplomer sinn identesch fir all Schüler, déi d'Épreuvë bestanen hunn.

Zousätzlech Informatiounen zu den Diplomer an den Zensure ginn aus folgende Mentiounen ervir: de systematesche Gebrauch vun engem orthographesche Vérificateur; de Gebrauch vun enger Sprooch, Däitsch oder Franséisch, déi eng aner ass, wéi an de Programmer virgesinn; d'Dispens vu mëndlechen, prakteschen a physesche Prüfungen; d'Aménagementer, déi sech bezéien op een Haaptfach vum Schlussjoer oder de Schlussprojet intégré.

Am Intitulé gëtt op zwou Gesetzesmodifikatiounen higewisen: éischtens, dat modifizéiert Gesetz vum 14. Märtz 1973 iwwert d'Schafung vun de Servicer vun der Éducation différenciée, a b) dat modifizéiert Gesetz vum 25. Juni 2004 iwwert d'Organisatioun vun de Lycéeën an de Lycées techniques. D'Referenz op dat neit Gesetz kann an der verkierzter Form gemaach ginn. D'Gesetz trëtt bei der Schoulrentrée 2011/2012 a Kraaft.

Här President, Madame Minister, Dir Dammen an Dir Hären, mat dësem Projet erlabe mer enger Rei Schüler - déi net, wéi déi meescht vun hire Kolleegen, ouni Handicap oder kierperlech Defiziter hir Schoul kënne maachen -, méi Chancëgerechtegkeet am Schoulalldag a bei den Épreuven ze erfueren, am Hibléck op déi ugestriefte Qualifikatioun. Mir wëllen dozou bäidroen, fir de jonke Leit, déi net ëmmer Chance am Liewen haten, hir Problemer eppes ze erliichteren, andeem mir hir Chancen op hirem schoulesche Parcours verbesseren.

An deem Sënn wëll ech den Accord vu menger Fraktioun ginn an ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Ech soen dem Här Fernand Diederich Merci. Als éischte Riedner ass déi honorabel Madame Tessy Scholtes agedroen. Madame Scholtes, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

Mme Tessy Scholtes *(CSV).*- Här President, Madame Minister, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt wëll ech dem Rapporteur Merci soe fir deen detailléierte Rapport iwwert dëse Gesetzesprojet. Ech fänken u mat engem Punkt, dee muer op der Dagesuerdnung an dësem héijen Haus steet: D'UNO-Konventioun fir d'Rechter vu behënnerte Leit, déi Lëtzebuerg den 30. Märtz 2007 ënnerschriwwen huet, soll muer ugeholl ginn.

Den Artikel 24 vun der Konventioun gesäit vir, dass déi Staten, déi ënnerschriwwen hunn, d'Recht op Ausbildung fir behënnert Leit unerkennen. Weiderhi steet dran, dass Kanner net opgrond vun enger Behënnerung vum Unterrecht an der Grondschoul oder am Secondaire ausgeschloss däerfe ginn, an dëst am Numm vun der Chancëgläichheet, der Antidiskriminatioun an de Mënscherechter.

Bis haut gëtt et awer an der Lëtzebuerger Législatioun keen Text, dee Schüler mat enger Behënnerung e Recht op extra Dispositioune gëtt. D'Gesetz gesäit just eng individualiséiert Hëllef oder een Appui respektiv d'Integratioun an e Centre d'éducation différenciée vir. Dir gesitt, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dass an dësem Beräich hei zu Lëtzebuerg eppes geschéie muss!

Scho viru Joren hat den Unterrechtsministère vu Moossname geschwat, déi behënnerte Schüler ee gläichberechtegt Léieren am Secondaire erméigleche sollten. An der Tëschenzäit sinn och scho Fortschrëtter gemaach ginn. Sou ass d'Zuel u behënnerte Schüler am Enseignement secondaire wéi och am Enseignement secondaire technique an deene leschte Jore konstant eropgaangen.

An dach ass et wichteg, elo net stoen ze bleiwen. Mat dem Gesetzesprojet vun haut maache mir dofir ee weidere klenge Schrëtt a Richtung Inclusioun an der Schoul. Ee wichtege Schrëtt allerdéngs, well d'Heterogenitéit vun de Schüler ëmmer méi grouss gëtt, an all Kand verschidden ass. Et ass also un der Schoul, fir den Défi vun der Diversitéit unzehuelen an all Kand eng Chance an eisem Schoulsystem ze bidden, esou wéi et ënner anerem d'UNO-Konventioun och virgesäit.

D'Fro, déi sech bei dësem Projet - op deen eng ganz Rei vu Betraffenen, an och mir als CSV, laang gewaart hunn - stellt, ass déi, ob en deem Défi och gerecht gëtt. Op den éischte Bléck jo, well en an der Theorie eng besser Inclusioun virgesäit. Een zweeten, méi geneeë Bléck verréit awer, dass hei just ee klengen Aspekt vun engem Problem, dee vill méi grouss ass, behandelt gëtt. Sou betrëfft d'Gesetz nëmmen eng gewësse Kategorie vu behënnerte Schüler, an zwar laut Titel „des élèves à besoins éducatifs particuliers". Gemengt sinn hei Schüler, déi mat gewëssen Aménagementer capabel sinn, den normale Schoulprogramm ze suivéieren.

Mä wou bleiwen dann also déi Schüler, déi sougenannten Élèves à besoins éducatifs spécifiques, déi trotz Aménagementer net den normale Schoulcurriculum bewältege kënnen? Si gesäit de Gesetzestext net vir, obwuel de Regierungsprogramm do keng Ënnerscheeder festhält. An dobäi sollt a misst dach d'Gläichbehandlung vun alle Schüler dat iewescht Zil vun enger inklusiver Schoulpolitik sinn.

Une voix.- Très bien!

Mme Tessy Scholtes *(CSV).*- Déi verschidden Associatiounen an d'Eltere vu Betraffenen hate sech hei wuel méi erwaart. An et ass och eise Wonsch als CSV, fir weider Schrëtt op dësem Terrain ze goen.

Déi spezifesch Moossnamen, déi am Text virgesi sinn, déi sougenannten Aménagements raisonnables, si Verännerungen an Upassungen am Unterrecht oder bei der Evaluatioun, déi d'Zil hunn, de Schüler mat besonneschen éducative Bedierfnisser hir Defiziter ze kompenséieren.

Et ginn deementspriechend eng ganz Rei vu spezifesche Moossname geschaf, déi et dëse Schüler erlaben, déi erfuerderlech Kompetenzsockelen ze erreechen an esou hir Chancen um Aarbechtsmaart an an eiser Gesellschaft ze verbesseren. An dëst net am Sënn vun enger Bevirdeelegung vis-à-vis vun de Matschüler, wéi et leider vu Verschiddene gefaart gëtt, mä villméi am Sënn vun der Chancëgläichheet.

Wat eis besonnesch gutt un dësem Gesetzesprojet gefält, ass, dass d'Aménagements raisonnables jee nom Grad vun der Behënnerung vum Schüler ugepasst ginn. All Ufro gëtt individuell behandelt, fir déi beschtméiglech Léisung fir dee jeeweilege Schüler ze fannen. An dës kann och am Laf vun der Schoulcarrière ajustéiert ginn.

Ausserdeem suergt dëse Gesetzestext an eisen Ae fir méi Kloerheet, wat d'Versetzung vu Schüler betrëfft, déi iwwer eng laang Zäit schwéier krank sinn an d'School net regelméisseg besiche kënnen.

Wann ech vu Versetzung schwätzen, kommen ech natierlech net derlaanscht, fir e Bléck op d'Zensuren ze werfen. Den Artikel 16 iwwert d'Evaluatioun an d'Certificatioun stellt fir eng Rei Experten e Problem duer. D'Certificaten an d'Problemer sinn zwar identesch fir all Schüler, déi d'Épreuvë gepackt hunn; op dem Unhang zum Diplom oder zur Zensur mussen awer bestëmmten Aménagements raisonnables - also net all - erwähnt ginn.

Mir mengen net, dass een dat als diskriminatoresch ugesi sollt, mä als eng wichteg Informatioun fir een zukünftege Patron oder fir déi Responsabel vun der weiderer Formatioun, déi esou op eventuell Aménagementer virbereet sinn, fir dass d'Kontinuitéit erhale bleiwe kann. Well genau dat Konzept vun der Kontinuitéit gëtt jo an deene meeschten Avisë vermësst.

An der Grondschoul hunn déi betraffe Kanner en individuellen Unterrechtsprogramm a gi vun enger spezialiséierter Équipe betreit, wat duerno am Secondaire awer net méi de Fall ass. De Passage vun der Grondschoul an de Secondaire ass awer e wichtege Moment fir de Schüler. Seng Schwächten a Stäerkten an eventuell säin Handicap mussen detektéiert ginn, fir hie richteg ze orientéieren an him Perspektiven ze ginn.

Fir eng Kontinuitéit tëschent deenen zwee Regimer ze behalen, musse systematesch Liene geschafe ginn, well eng optimal Integratioun ass nëmmen duerch ee kohärenten Informatiounsfloss méiglech an natierlech duerch den Engagement vun de verschiddenen Acteuren um Terrain. Gemengt sinn d'Enseignanten, déi sech neien Erausfuerderunge stelle mussen, well de schouleschen Erfolleg hänkt zu engem groussen Deel vun den ugewannten didaktesche Methoden of.

An dësem Fall ass et déi pedagogesch Approche vun der Inclusioun, déi vum Enseignant vill Professionalismus verlaangt. Hie muss säin Unterrecht ëmmer méi differenzéieren, fir der heiteger Schoulpopulatioun gerecht ze ginn. Ob hien dorop virbereet ass, ass eng aner Fro.

Mir sinn der Meenung, dass déi aktuell Formatioun vun den Enseignanten net genuch Akzenter an dësem Beräich setzt, an hoffen, dass deem an der Zukunft Rechnung gedroe gëtt.

Mir begréissen et awer, dass de Gesetzesprojet am Artikel 17 explizit d'Formation continue souwéi d'Sensibiliséierung vun der ganzer Schoulgemeinschaft fir déi nei Aménagements raisonnables festhält.

Här President, Madame Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir sinn eis bewosst, dass dëst Gesetz just ee klenge Bäitrag zur schoulescher Inclusioun vu Kanner mat spezielle Besoinë leescht. Mä mir mengen, dass et an déi richteg Richtung geet a setzen eis derfir an, dass et just den Ufank vu weidere Changementer an dësem Sënn si wäert.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren a ginn heimat den Accord fir d'CSV-Fraktioun. Allerdéngs wëll ech Iech ganz zum Schluss nach eppes mat op de Wee ginn, an zwar dëst Zitat vum Erzéiungswëssenschaftler Professer Dokter Dieter Katzenbach: „Integration bedeutet Duldung. Inklusion ist Zugehörigkeit."

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci der Madame Scholtes. Als nächste Riedner ass den Här Eugène Berger agedroen. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

M. Eugène Berger *(DP)*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wéilt fir d'Éischt dem Rapporteur Merci soen, deen ausféierlech hei eis bericht huet iwwert de Gesetzesprojet souwuel mëndlech wéi och a sengem schrëftleche Rapport. Ech wäert duerfir net méi en détail op déi verschidde Punkten agoen. Dat huet hie gutt gemaach. Ech wäert e puer méi prinzipiell Remarquen zu deem Projet maachen.

Zum enge muss ech soen, datt d'DP d'Ausriichtung vun dësem Projet de loi begréisst. D'Zil ass et jo, fir méiglechst vill Kanner mat engem Handicap an d'Regelschoul ze integréieren. Dat hei gëtt elo dann eng institutionell Basis fir all déi Efforten, déi vu ville Proffen, Direkteren, Eltere gemaach gi sinn an deene leschte Joren, déi sech fir d'Integratioun vun de Kanner an d'Regelschoul agesat hunn. An et muss een och drun denken: Och ouni gesetzlech Basis ass an de leschte Jore ganz vill Asaz, ganz vill Engagement vun deene Leit gewise ginn an och ganz vill gutt Aarbecht gemaach ginn.

Et ass jo esou, datt déi eng oder déi aner mengen, datt dës Kanner eng Belaaschtung wiere fir eise Schoulsystem. Ech gesinn dat éischter aneschters. Ech fannen, esou Kanner si ganz oft eng grouss Beräicherung fir eise Schoulsystem, och fir eis Kanner, well déi eng vun deenen anere léiere kënnen. Zum Beispill, déi jonk Kanner, déi keen Handicap hunn, léiere sozial Kompetenzen. Si musse Verantwortung iwwerhuelen, si mussen eventuell mathëllefen, fir deem Schüler mat Handicap da virunzehëllefen.

Op där anerer Säit ass et natierlech och fir déi Jonk mat Handicap immens positiv, wa se gesinn, datt se sech awer kënnen integréieren, datt se an der Schoul kënne mathalen, datt se kënnen en Ofschloss maachen an datt se am Fong geholl doduerjer - well dat ass jo ëmmer den Ufank vun Integratioun an d'Gesellschaft -, datt se also iwwer e flotte Schoulwee, iwwer e gepacktene Schoulwee och sech kënnen an d'Gesellschaft integréieren.

Et soll een awer net mengen, datt elo mat dësem Gesetz all Problemer geléist wieren, wat d'Integratioun vu Kanner a Jonke mat Handicap an der Schoul ugeet. Ech schléisse mech do deene kritesche Wierder vu menger Virriednerin un. Hei geet et jo an éischter Linn ëm Kanner, ëm Jonker mat engem - ech géif soen - méi minime kierperlechen Handicap - wéi gesot, d'DP begréisst ausdrécklech, datt dat elo gemaach gëtt -, mä fir e groussen Deel vu behënnerte jonke Mënsche bréngt dëst Gesetz awer nach näischt.

Ech denken do un all déi Mënschen, déi Jonk, déi Kanner, déi weider un d'Éditf verwise ginn. Oder soll ech eigentlech soen, déi eigentlech do ofgeluecht ginn? Mir, d'DP, plädéieren derfir, datt zousätzlech Efforten och an der Grondschoul musse gemaach ginn, déi jo eigentlech soll inklusiv sinn, mam Zil, datt mer wierklech esou mann wéi méiglech Kanner mussen an d'Éditf schécken an datt mer der ëmmer méi kënnen an déi normal Grondschoul respektiv herno och an d'Lycéeën integréieren.

Ech wäert och muer nach eng Kéier doriwwer schwätzen, wa mer iwwert d'UNO-Konventioun hei debattéieren. Mä op alle Fall, dat ass dat, wou ee muss Ustrengunge maachen, och, oder insbesonnesch och mat der neier UNO-Konventioun, déi mer also muer hei wäerte stëmmen. Dat hei Gesetz geet net duer, an duerfir mussen also och Ustrengunge gemaach gi weiderhin um personelle Plang, un der Ausbildung vun den Enseignanten, um infrastrukturelle Plang an esou weider.

An ech muss soen, datt ech do heiansdo de politesche Wëlle vermëssen, fir dat ëmzesetzen. Et muss ee bedaueren, well d'Ministesch jo awer soss heiansdo net zréckschreckt viru grousse Reformen, schwierege Reformen, datt se awer dee ganze Chantier vun der Integratioun, der Inclusioun vun den handicapéierte jonke Mënschen, och d'Reform vun der Éditf nach net ugaang ass.

Wéi gesot, mir als DP bedaueren och, datt zum Beispill bei der Reform vun der Grondschoul net d'Geleeënheet geholl ginn ass, fir dann och d'Éditf zum Beispill ze reforméiere respektiv wéinstens och d'Éditf an den Text vun der Grondschoul anzeschreiwen, fir wierklech ze weisen, datt dat eng Partie intégrante vun eiser öffentlecher Schoul ass. Dat war an eisen Aen eng verpasste Chance.

Zréck zum Gesetz da vun haut wéilt ech nach eng oder zwou ofschléissend Remarquë maachen. Et soll een op alle Fall évitéieren herno bei der Exekutioun vun deem Gesetz, bei der Ausféierung, datt mer ze vill Bürokratie un den Dag leeën. Dat ass ëmmer d'Gefor bei esou Gesetzer, datt een herno wierklech à la lettre fiert oder wierklech no den Zeile vum Reglement. Hei mussen och heiansdo kuerzfristeg wierklech pragmatesch Léisungen am Intérêt vun de Schüler getraff ginn. An dat soll och an der Praxis weiderhin d'Leitlinn bleiwen.

Et muss een och wëssen, datt hei och nach eventuell d'Schoulen, d'Lycéeë méi besonnesch, vläicht nach méi technesch oder personell Ausstattunge fir d'Exekutioun vun dësem Gesetz brauchen. Och dat muss garantéiert bleiwen, datt mer dat Gesetz, och wann et net komplett ass, dann awer herno uerdentlech kënnen exekutéieren.

Dat gesot, géif ech awer den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet abréngen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Berger. Als nächste Riedner ass den Här Claude Adam agedroen. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat Gesetz, wat mer haut stëmmen, beäntwert e puer Froen, mä et werft awer och eng ganz Rei aner Froen op.

Mir stellen ëmmer erëm fest, datt mer mat enger relativer Liichtegkeet d'Kanner mat engem Handicap an der Spillschoul integréiert kréien. An der Primärschoul gëtt et da scho méi schwiereg, an am Lycée ass et da ganz oft eriwwer mat der Integratioun.

Dat weisen och d'Statistike vun de Schüler an den Éditf-Strukturen op. D'Halschent vun de Kanner an den Éditf-Strukture sinn am Alter vum Enseignement fondamental. Dat heescht, d'Kanner vu véier bis zwielef Joer maache 50% vun där Schülerpopulatioun aus. Déi Jonk vun zwielef bis 16 Joer also, vill méi eng kuerz Altersspann, maachen déi aner 50% aus. Bei den Zwielefjährege ass d'Nofro no Éditf-Strukture bei den Eltere méi grouss. Et schéngt esou ze sinn, datt mer eng Orientatioun am sechste Schouljoer net nëmmen no Lycée classique, Lycée technique a Modulaire maachen, mä och nach a Richtung Éducation différenciée.

Mat deem Gesetz, wat mer haut virleien hunn, ännere mer guer näischt un deem Tatbestand. Mat engem gewëssene Stolz geet Rieds dovun, datt mer enger Rei Schüler mat engem Handicap et erméiglechen, datt se ee Schoulofschloss an enger vun eise Schoulen am Secondaire kréien. De Cercle des bénéficiaires ass ganz kloer reduzéiert op déi Schüler, déi keen individuelle Léierplang brauchen, mä déi mat enger räsonabeler Hëllef hire Schoulprogramm an hir Prüfungen an Exame kënnen ofleeën.

Dës Aménagements raisonnables sinn och vum Rapporteur opgezielt ginn. Mir begréissen all dës Mesuren a mir hoffen, datt se de Schoulen et an Zukunft méi einfach wäerte maachen, fir esou Aménagementer kënnen ze installéieren. Eigentlech ass et awer schonn zimlech bedenklech, datt mer fir esou eng Saachen, déi awer Selbstverständlechkeete sinn, en extrat Gesetz brauchen.

Bleift déi ganz wichteg Fro, ob een déi speziell Hëllefen och muss bei der Certificatioun ernimmen. Den Artikel 15 vum Gesetz seet, datt all Schüler deeselwechten Diplom kritt. An den Artikel 16 seet, datt déi wichtegst Aménagements raisonnables missten an engem komplementären Dokument zum Diplom festgehale ginn.

De Conseil supérieur des personnes handicapées gesäit eng gewëssen Diskriminatioun doran, well d'Schüler wahrscheinlech niewent hirem Diplom och hir Zensur an hire Complément misste bei engem potenzielle Patron oder enger weiderféierender Schoul presentéieren.

déi gréng gesinn dat net als Diskriminatioun, mä gesinn dat als Noutwendegkeet. Mir deelen d'Approche vum Centre pour l'égalité de traitement. D'Festhale vun den Aménagements raisonnables sinn éischtens d'Festhale vun enger Realitéit, an zweetens, an dat ass ganz wichteg, kann dat och duerchaus eng Hëllef fir d'Zukunft vum Concernéierte sinn. De betraffene Schüler huet eng Basis, fir sech déi Hëllefen, déi e brauch, och an Zukunft ze froen.

Mir hunn also kaum Problemer mam Inhalt vun dësem Gesetz. Et ass jo och net esou, wéi wann hei eppes Neies géif geschafe ginn. Mir hu jo och elo schonn a ville Lycéeën eng Rei Schüler, déi speziell Hëllefsmëttele brauchen an déi dës Hëllefsmëttelen zur Verfügung gestallt kréien an dann och kënne mat Succès hir Schoul maachen.

Wéi vill esou Schüler zurzäit an eise Schoule sinn, dat entzitt sech menger Kenntnis. Vläicht kann d'Ministesch eis do herno e puer Zuele soen.

Mir hunn allerdéngs Problemer mam Geescht vun dësem Gesetz, mat der Mentalitéit, aus där dëst Gesetz gewuess ass. De Cercle des bénéficiaires ass esou reduzéiert, datt dëst Gesetz nëmme fir eng Minoritéit vun enger Minoritéit zum Asaz kënnt.

Une voix.- Très bien!

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Eigentlech ass dëst e Gesetz, wat net an de Kader vun enger inklusiver Schoul passt. Mir féiere mat dësem Gesetz den Term „élèves à besoins éducatifs particuliers" an - an Oppositioun zum Term „élèves à besoins éducatifs spécifiques".

Mir hunn eis beméit, deen Ënnerscheed, dee mir elo hei zu Lëtzebuerg tëschent dësen zwou Zorte Kanner maachen, och an anere Länner erëmzefannen. Mir hu keng kloer Definitioun oder Trennung vun dësen zwee Begrëffer - Besoins particuliers a Besoins spécifiques - fonnt.

Hei zu Lëtzebuerg gëllt dann elo déi Definitioun, wéi se am Artikel 1 vun deem Gesetz, wat mer haut diskutéieren, steet. Dëst Gesetz betrëfft déi Schüler, déi en Handicap hunn, deen hinnen et net erméiglecht, an dem Lycée oder an der Erwuessenebildung déi Prüfung an Tester matzemaachen. Awer net dës Schüler alleguer: Just déi Schüler si gemengt, deenen hiren Handicap mat Hëllef vu räsonabelen Arrangementer, wéi se dann och am Kapitel 2 vum Gesetz beschriwwe sinn, ka behuewe ginn.

Och wann dat jo u sech eng gutt Saach ass, bleift d'Fro, wat dann elo mat deene Schüler, deene Kanner geschitt, déi en Handicap hunn, deen net duerch esou eng Arrangementer ka behuewe ginn.

Mir si ganz frou, datt souwuel d'Chambre des Salariés wéi och d'Chambre de Commerce an och d'Madame Scholtes fir d'CSV mat Bedauere feststellen, datt dëst Gesetz net wäit genuch geet. Dee Gedanke vun der Inclusioun am Secondaire misst och déi Kanner mat spezifesche Bedierfnisser aschléissen; déi Kanner, déi Problemer hunn um Niveau vun de Sproochen, an déi Kanner mat enger Lernbehënnerung, also all Enfants à besoins spécifiques.

An der Éducationskommissioun krute mer gesot, dat wier net den Objet vun dësem Gesetz. Dat ass natierlech wouer. An dat ass awer och ganz bedauerlech.

Mir goufen drop vertréischt, datt een neit Gesetz zu der Éditf an der Ausschaffung ass an datt mat deem Gesetz dës Problematik géif geregelt ginn. Mir fäerten, datt och hei de positiven Usaz vun der Inclusioun, deen déi logesch Weiderféierung vun engem jorzéngtelaange Prozess wier, ze kuerz kënnt.

Mir si vun enger ëmfaassender Exklusioun vu Kanner mat enger Behënnerung nach am Schoulgesetz vun 1912 ausgaangen. Enn vun de 60er Jore goufen et éischt sonderpedagogesch Initiative vun eenzelnen engagéierten Elteren, Schoulmeeschteren a Gemengen. Ech erënneren un d'HMC-Klass zu Esch, d'Schafung vu sougenannte Classes orthopédagogiques.

Ee Meilesteen an der Beschoulung vu Kanner mat engem Handicap war d'Gesetz iwwert d'Schafung vun der Éditf am Joer 1973. Eng noutwendeg Weiderentwécklung war d'Gesetz iwwert d'schoulesch Integratioun vun 1994. Hei kruten d'Elteren theoretesch d'Recht, ze wielen tëschent enger Beschoulung an enger Éditf-Struktur oder der Integratioun an eng regulär Klass.

Mir bedaueren, datt d'Éditf-Strukturen net scho mat der Reform vun der Primärschoul an d'Diskussioun integréiert waren. Fir eis schéngt et kloer, datt, wann ee fir d'Éischt un d'Kanner denkt, dann heescht Inclusioun: Wéi kënne mer méiglechst all Kanner zesummen enseignéieren, déi, déi liicht léieren, an déi, déi schwéier léieren; déi, déi eng speziell Betreiung brauchen, an déi, déi Aménagements raisonnables brauchen? - Eigentlech huet all Kand ee Recht op ee Plan éducatif individualisé.

Mir erkenne keng Bereetschaft vun der Madame Minister, dës Aart a Weis ze denke mat ze ënnerstëtzen. A mir bedaueren dat.

Am Gesetz iwwert d'Grondschoul hu mer definéiert, datt een Enfant à besoins spécifiques ee Kand ass, dat säi Cycle net an dräi Joer packt. D'Situatioun vun den Enfants à besoins spécifiques an eise Schoulen ass keng einfach. Besonnesch wann esou Schüler an den Enseignement secondaire solle wiesselen, feelt et un Aménagements raisonnables a ville Beräicher.

Bleift och nach d'Fro - déi ass och an engem Rapport opgeworf ginn -, ob dës Mesuren, déi mer elo fir d'Enfants à besoins particuliers schafen, och fir d'Privatschoule gëllen.

Op eng Question parlementaire vum 8. Abrëll 2008 vun der Madame Hetto an dem Här Spautz hat d'Madame Ministesch däitlech geäntwert: De SREA zum Beispill kënnt just an déi öffentlech Schoulen. Vum Kand aus gekuckt, ass dat eiser Meenung no kloer eng Diskriminatioun. Ee Kand, wat esou speziell Hëllefe brauch, huet also net deeselwechte Choix wéi ee Kand, wat net op esou Hëllefen ugewisen ass.

Mir sinn der Meenung, datt déi Haltung vum Ministère net ze argumentéieren ass. D'Hëllef ass jo fir d'Kand, net fir d'Institutioun Schoul.

Une voix.- Très bien!

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Duerfir misst et eigentlech egal sinn, wou an a wéi eng Schoul d'Kand geet. D'Hëllef muss bei d'Kand kommen. Am Moment muss d'Kand dohinner goen, wou déi eventuell Hëllef ass.

Une voix.- Très bien!

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Gëllt dat och fir déi Aménagements raisonnables oder mussen déi och an de Privatschoulen ugebuede ginn? A wa jo, wie finanzéiert se?

Den honorabelen Här Fernand Diederich ass och nach op d'Ausbildung vun den Enseignanten agaangen. Ech soen him Merci do-

fir. Ech stelle just fest, datt do nach immens vill Beréierungsängschte sinn.

D'Madame Scholtes huet gemengt, an der Formatioun vun den Enseignantë misst nach vill geschéien. Och hir ginn ech do absolut Recht. Äm Beräich Beschoulung vun Enfants à besoins spécifiques kann ee just soen: «Il y a du pain sur la planche.»

Merci dann nach dem Här Diederich fir säi mëndlechen a schréftleche Rapport. An lech Merci fir d'Nolauschteren.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Adam. Als nächste Riedner ass den Här Kartheiser agedroen. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, datt d'Tonalitéit vun e puer Interventiounen, déi mer elo héieren hunn, net genau erëmgëtt, wéi d'Stëmmung an der Kommissioun war.

Et ass e ganz positive Projet, dee mer haut hunn. An ech mengen, mir hu vill Ursaachen, eis ze freeën iwwert d'Verbesserungen, déi mer dës Woch hei stëmme fir eis handicapéiert Matbierger. Egal wéi mer se elo nennen: „à besoins spécifiques", „à besoins spéciaux" oder wéi och ëmmer, et si ganz positiv Saachen, déi mer dës Woch maachen, wichteg Progrèsen, a mir sollen dat net klengrieden.

Ech wéilt och besonnesch dem Rapporteur villmools Merci soen. En huet dat ganz detailléiert beschriwwen, gradesou wéi aner Kolleegen. Duerfir wéilt ech elo net widderhuelen, wat mer och an der Kommissioun gesot hu vu Virdeeler, och eventuelle Problemer, déi dëst Gesetz huet. Mä et ass e wichtege Schrëtt an eng richteg Richtung fir méi Inclusioun fir déi behënnert Kanner an eise Schoulen.

Sécher, et kann een op deem Wee, et muss ee vläicht op dësem Wee weidergoen op eng realistesch a progressiv Manéier. Eng komplett Inclusioun ass wahrscheinlech ni méiglech fir all Kand, mä mir sollte probéieren, esou wäit wéi méiglech ze goen an effektiv deene betraffene Kanner an engem méiglechst positiven a konstruktive Geescht ze hëllefen.

Mir versti verschidde Kritiken net. Et ass wichteg, mengen ech, fir all zukünftege Patron, datt e wierklech weess, wat déi Leit, déi e wëllt engagéieren, kënnen. Et ass e bëssen eng Atmosphär vu Mësstrauen heiansdo erauszespieren aus verschiddene Riede géigeniwwert de Patronen, fir ze probéieren ze verstoppe vläicht, mat wéi enge besonneschen Aménagementer déi verschidden Diplomer erkämpft goufen, erléiert goufen an de Schoulen. An déi Mériten, déi domadder verbonne sinn, déi si vläicht besonnesch grouss bei deene Leit, déi eben hu misse speziell Aménagementer hunn, fir iwwerhaapt kënnen op deen Niveau ze kommen.

Ech mengen, et muss een de Patronë vertrauen. Vill vun hinnen hu wierklech de Wëllen, esou Leit och bei sech opzehuelen, hinnen eng Chance ze ginn. An ech mengen, et ass einfach wichteg, fir transparent, éierlech och mat hinnen ze sinn a genau opzeschreiwen, op wéi engem Niveau se sinn a wéi hinnen nach ka weider an hirem Beruff gehollef ginn a wéi eng Asazgebidder duerfir och fir si am beschte sinn.

Mir wëllen awer och als ADR, well mer eis deene Problemer bewosst sinn, déi dëst Gesetz vläicht nach huet, nämlech verschidde Saachen, déi nach net geregelt sinn oder net wäit genuch geregelt sinn, wëlle mir awer als ADR der Regierung an eis alleguer mat op de Wee ginn, datt mer dat Gesetz net sollte figéiert gesinn.

Et ass e Gesetz, wat vu senger Natur aus kann evoluéieren, soll evoluéieren. Mir solle kucken, wéi eng Erfahrunge mer elo mat dësem Gesetz maachen. Mir sollen déi Diskussioun iwwer eng méiglechst grouss Inclusioun an de Schoule weiderféieren an dann net zécken, dëst Gesetz ze änneren an och wann néideg dacks ze adaptéieren.

Heiansdo hu mer jo Kritiken, datt mer soen, mir änneren eis Gesetzer ze dacks. Dat heiten ass eent, wou mir soen, mir sollen et all Kéiers upassen dann, wa mer mierken, datt wierklech Problemer sinn, wou mer Leit kënnen hëllefen, well dofir si mer hei an dësem Domän, fir deene Kanner ze hëllefen, déi eis Hëllef brauchen.

Mir hunn eis gefreet, datt mer alleguer eigentlech an dëser Kommissioun, an der Commission de l'Éducation nationale op enger Wellelängt waren, all Parteien zesummen. Dat ass net dacks de Fall. Et ass och e positivt Zeechen, datt an esou engem Gesetz wéi deem heite mir alleguer - mat klengen Nuancen, wat elo d'Portée ugeet an esou weider - an déiselwecht Richtung wëlle goen. Ech mengen, dat éiert déi Lëtzebuerger Politik. An op deem Wee solle mer dann och virugoen.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Kartheiser. Als leschte Riedner ass den Här André Hoffmann agedroen. Här Hoffmann, Dir hutt d'Wuert.

Une voix.- Ech soen dem Rapporteur Merci.

M. André Hoffmann *(déi Lénk)*.- Här President, ech stëmmen natierlech dat Gesetz. Ech hu mer awer d'Fro gestallt, ob et net scho muer iwwerholl wär. Well muer stëmme mer d'Approbatioun vun enger Konventioun iwwert d'Rechter vun de behënnerte Mënschen. An ech froe mech wierklech, ob d'Bestëmmunge vun deem Gesetz, wat mer haut sollen ofseenen, den Usprëch vun där Konventioun gerecht ginn, jiddefalls wa mer déi Konventioun esou ëmsetzen, dass hir Ziler wierklech och erreecht kënne ginn. Dat heescht, dass mer all direkt an indirekt Diskriminéierungen, wéi et an där Konventioun heescht, opgrond vun engem Handicap ofschafen.

Woubäi ech a Klammere muss soen, an der Terminologie vun där Konventioun, am Geescht vun där Konventioun ass den Ausdrock vum Handicap eigentlech och schonn iwwerholl.

Dat Gesetz hei ass dorunner gemooss vill ze vill restriktiv, d'Uwendungsfeld ze enk, bezitt sech praktesch nëmmen op Épreuven, also op Evaluatioun. Et bezitt sech bal nëmmen op technesch a raimlech Aménagementer. An domadder si mat Sécherheet net all Désavantagen, net all Diskriminéierungen ofgebaut vu Kanner a Jugendlechen opgrond vun hirer Diversitéit.

Dat ass de Sproochgebrauch vun der Konventioun vu muer, an net méi dee vum Handicap: vun der Diversitéit. Also Ofbau vun Diskriminéierung opgrond vun der Diversitéit iwwert dee ganze Wee duerch d'Schoul.

Wéi restriktiv dat Gesetz ass, dat gesäit een un der Fiche financière. An do war ech awer e bësse bleech am Gesiicht ginn. Déi Zuel huet hei nach kee genannt. Aus der Fiche financière geet ervir, dass d'Regierung dermat rechent, duerch dat hei Gesetz wären zéng Kanner betraff. Zéng! Zéng am ganze Land! Zéng!

Huet jiddwereen dat matkritt?

Zéng Kanner am ganze Land wäre betraff, laut der Fiche financière vun deem Gesetz hei fir déi Kanner à besoins particuliers.

Do freet ee sech natierlech: Wou sinn dann all déi aner, un déi mer alleguerten denken? A wat fir Mesuren huele mer, fir deenen ze hëllefen?

Een Eenzelpunkt: D'Kommissioun huet en Amendement erabruecht, wou ech meng Bedenken hunn, nämlech en neien Artikel 19, dee vun der Regierung net virgesi war, an deen Artikel 19 gesäit vir, dass op Demande vun engem Kand hin och d'Kand vun engem Lycée an en anere ka geschéckt ginn, wann do déi sougenannten Aménagements raisonnables virgesi sinn.

Ech fannen dat zweeschneideg. Ech sinn eigentlech der Meenung, all Lycée misst d'Flicht hunn, déi Aménagementer ze assuréieren, déi d'Kanner mat deenen ënnerschiddleche Forme vun Handicap brauchen. Well soss besteet d'Gefor, dass e Lycée dat hei als Virwand hëlt, fir dem Kand ze suggéréieren: „Da géi op déi Plaz, wou d'Aménagementer bestinn."

A wann ee sech dat bis an den Extremfall duerchrechent, da kann et esou sinn, dass am Land dann ee Lycée wär, deen déi Aménagementer alleguerten hätt. An domadder hätte mer dann erëm eng Kéier eng Diskriminéierungssituatioun an am Fong geholl eng Segregatioun geschaf. Duerfir hunn ech Bedenke par rapport zu deem Artikel.

Ech hunn och Bedenke par rapport zu deem Ausdrock „aménagements raisonnables". Ech sinn eigentlech der Meenung, e Gesetz wéi dat do, dat misst an der Logik vun Droit stoen. An da misst deen éischte Saz sinn: «Les enfants…» - oder - «Les jeunes…» - oder wéi och ëmmer - «…ont droit à…». An dann ass et net méi „aménagements raisonnables", dann ass et „aménagements nécessaires pour garantir ce droit".

An der Konventioun, déi mer muer stëmmen, gi mer permanent vun enger Logik vun Droits aus. An dat ass och de Grond, firwat dass ech mengen, dass dat Gesetz hei scho muer eigentlech iwwerholl ass.

Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Hoffmann. Domadder wiere mer um Enn vun der Diskussioun. Elo kritt d'Regierung d'Wuert, d'Éducatiounsministesch, d'Madame Mady Delvaux-Stehres.

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle*.- Merci, Här President. Och ech wollt dem Rapporteur Merci soen an ech freeë mech iwwert d'Unanimitéit hei, fir de Projet ze stëmmen.

Ech hu wuel déi kritesch Stëmme gehéiert. Ech wollt just hei awer och der Plénière eng Kéier erklären, wat ech an der Chamberskommissioun gesot hunn. Dat Gesetz hei ass net méi, wéi et behaapt ze sinn. Dat Gesetz hei huet ni behaapt, et géif d'Problemer vun der Schoul, vun alle Kanner, iwwert d'Lernschwieregkeete bis zu Comportementsschwieregkeete bis zum physeschen Handicap léisen.

Dat hei Gesetz huet als eenzegt Zil, fir deene Kanner, déi en Handicap hunn, deen attestéiert ass an dee bescheinegt ass, ze hëllefen, hinnen d'Recht ze ginn, dass se déi Hëllefen an der Schoul kréien, fir dass se hir Kompetenzen an hir Capacitéite kënnen och beweisen.

Et gëtt an der Lëtzebuerger Schoul, an dat ass hei gesot ginn, eng ganz Rei Beispiller a ville Lycéeën, wou Schüler mat Handicap gutt integréiert sinn an déi och mat Erfolleg eng Schoulcarrière maachen. Et gëtt der awer och, déi déi Méiglechkeet net kréien. Jiddweree vun lech kennt vläicht een oder deen aneren, an ech ka soen, de Moment ass et esou, dass et eigentlech der eenzelner Schoul iwwerlooss ass, a wéi enge Konditioune wéi eng Hëllefe se deene Kanner accordéiert.

Mir hu keen Text - keen Text -, wou drasteet de Moment, op wat e Schüler Recht huet, ausser engem Règlement grand-ducal iwwert de Premièresexamen, wou drasteet, dass de Kommissär kéint Aménagementer décidéieren, wann den Handicap dat géif néideg maachen.

Hei duerch dëst Gesetz schafe mer dann elo déi Base légale, fir dass e Schüler d'Recht huet, fir dat anzefuerderen. An ech gesinn dat jiddefalls als e Progrès un.

Duerfir hu mer och e komplizéierte Wee gemaach. Zu Lëtzebuerg maache mer jo näischt einfach. Aner Länner, déi maache Kategorië vu Kanner oder Mënsche mat Handicap a soen, d'Kategorie A huet d'Recht op dat do, d'Kategorie B op dat do. Dat bedéngt awer, dass een d'Leit muss a Kategorien aklasséieren. Mir hunn dee Wee net gewielt a mir ginn ëmmer eng individuell Léisung sichen. Dat implizéiert natierlech, dass en Dossier muss gemaach ginn an dass eng Kommissioun ass, déi décidéiert: Op wat huet dee Schüler - an dësem Fall sinn et jo Schüler -, op wat huet deen e Recht beim Léieren, bei de Prüfungen a beim Examen?

Duerfir hu mer gesot, en Élève à besoins éducatifs particuliers - déi Besoins éducatifs particuliers kommen iwwregens aus der Konventioun vun de Rechter vun den Handicapéierten -, dat viséiert also ganz kloer Schüler, déi capabel sinn, en normale Progamme scolaire ze suivéieren, wa se déi materiell oder mënschlech Hëllef hunn, déi hinnen erlaabt, hir Capacitéiten ze beweisen.

Dat sinn also net Schüler, déi en aménagéierte Programm kréien, fir awer zu Kompetenzen ze kommen; déi zweet Kategorie vu Schüler, fir déi mer jo eng Léisung gesicht hunn am Grondschoulgesetz, wou mer amgaange sinn och dorunner ze schaffen, fir hinnen am Secondaire Léisungen ze ginn.

Woubäi ech awer muss soen: De Secondaire wëllt net jiddwereen zum selwechten Diplom féieren! Ech hu jiddefalls an dëser Chamber, hei an dëser Plénière vun den Deputéierten nach net héieren, dass se gesot hunn, jiddweree muss eng Première B kréien.

Wann dat natierlech d'Zil ass, dass mer jiddwerengem dat solle ginn: Moi, je veux bien, je prendrai acte, an da musse mer anescht légiféréieren.

Eise Secondaire offréiert jo eng breet Palett vu Formatiounen an déi ass forcément adaptéiert op d'Intelligenz, op d'Léieren, op d'Assiduitéit, op de Fläiss, an natierlech och bei Kanner musse mer probéieren, bei jiddwerengem, och wann e Léierschwieregkeeten huet, fir en zum héchste fir hie méiglechen Zil ze brëngen.

Sou dass ech nach eng Kéier wëll hei insistéieren: Also, dat Gesetz hei ass wierklech e klenge Schrëtt. Awer ech si frou, dass mer dee kënnen hei an der Unanimitéit huelen.

D'Prozedur ass relativ einfach. E Schüler mécht eng Demande an der Schoul, an da kann entweder den Direkter oder de Conseil de classe déi kleng Aménagementer décidéieren. Dat ass, wann zum Beispill e Sall muss extra arrangéiert ginn.

Fir déi méi grouss Aménagementer ass et eng nei Kommissioun, déi geschaf gëtt -d'Commission des aménagements raisonnables -, déi kann also eng Décisioun huelen, wat dem Schüler seng Schoulcarrière ugeet, fir dass e méi Zäit an den Examen an de Prüfungen huet, dass e méi oft eng Paus ka maachen, dass en en Examen net brauch an enger Sessioun ze maachen, dass en eventuell eng Épreuve net muss an der Schoul maachen, wat de Moment net méiglech ass.

De Moment muss een an d'Schoul goen. Mir hunn awer Kanner, déi krank sinn - well dat Gesetz hei ass jo och fir Kanner, déi krank sinn -, fir dass se eventuell an engem Spidol kënnen en Exame maachen. Si kënnen technologesch Hëllefen zur Verfügung kréien. Dat ass also alles wéi zum Beispill Computer, wa se net kënne schreiwen.

Eppes, wat zu villen Diskussiounen Ulass ginn huet: Si kënnen e Vérificateur orthographique kréien. Dat ass also fir Kanner, déi eng schwéier Dyslexie hunn, déi also net dat richtegt Wuert dohinnergeschriwwe kréien, mä awer gesot kréien: „Hei, pass op, dat do ass falsch." A si kënnen eng Dispens kréie vu verschidden Épreuven.

Ech gesinn all Joer Leit, déi rose sinn, well e Kand, wat an engem Rollstull sëtzt, muss eng Turnprüfung maachen. Déi Absurditéit kréie mer duerch dëst Gesetz eraus. Sou dass ech mengen, dass dat hei eppes ass, wat awer méi wéi e puer Kanner eng Erliichterung brëngt am Schoulalldag an hinnen erlaabt, an dezente Konditiounen hir Prüfung an hiren Examen ze maachen. An duerfir sinn ech frou iwwert dëst Gesetz.

Ee Wuert nach zum Artikel 19, wou effektiv en Amendement komm ass vun der Chamberskommissioun op d'Urodung hi vum Conseil d'État, dee gesot huet, et wär vläicht gutt, dass Der awer géift soen, bei verschiddenen Aménagementer, déi méi kostspilleg sinn, dass ee géif d'Schüler regruppéieren.

Dat ass elo als Beispill de Fall, wou mer soen, um Geesseknäppche rassembléiere mer d'Material fir déi Kanner, déi net gutt gesinn, entweder ganz blann sinn oder net gutt gesinn, well do brauche mer nämlech e ganz opwendegt Material, fir d'Computeren, d'Informatik, alles ëmzestellen. Um Geesseknäppche sinn e puer Schoulen, dat heescht, do kënnen d'Kanner also souwuel an d'classique wéi d'technique Schoul goen.

An duerfir soe mer, d'Kanner, déi da Sehschwieregkeeten hunn, eng Déficience visuelle, déi hätte mer gären, dass se alleguerten um Geesseknäppche solle rassembléiert sinn. Dat ass am Sënn, dass mer d'Material net wëllen, dat deiert Material net wëlle verspreeden éischtens an de Schoulen, an zweetens muss dat technescht Personal oder dat spezialiséiert Personal jo och kënne mat de Maschinnen ëmgoen. A mir hunn däers net esou vill, dass mer et kënne verspreeën op alleguerten d'Schoulen.

Ech denken och, dass et fir déi Schüler sënnvoll ass, dass se zesumme sinn, well se sech awer och… Si si jo dann an enger Schoul, an enger normaler Klass, mä si sinn awer och mat Leit, déi déiselwecht Problemer, déi déiselwecht Schwieregkeete wéi si hunn. An dat erlaabt sécher och en Échange tëschent hinnen, fir domadder eens ze ginn.

Sou dass ech Merci soen, dass dat Gesetz hei nach ka virun der grousser Vakanz gestëmmt ginn. Domadder wëlle mir dann direkt déi Kommissioun do asetzen. Dat Gesetz soll a Kraaft triede fir d'Rentrée. Mir mussen also och eng Sensibilisatioun vun den Enseignanten ulafe loossen, well jiddwereen an all Lycée kann dovunner concernéiert sinn an e muss also wëssen, dass et erlaabt ass, engem Schüler, deen en Handicap huet, méi Zäit ze ginn an der Prüfung wéi deenen anere Schüler, ouni dass déi reklaméiere kommen a soen: „Hei, hien huet elo en Avantage op mech." Dat sinn also all déi Froen, déi mer heimadder léisen.

Ech wëll zum Ofschloss soen, dass ech mer ganz genee bewosst sinn, wat d'Portée ass vun dësem Gesetz. Et ass e klenge Schrëtt. Fir déi Leit, déi et concernéiert, ass et awer e wichtege Schrëtt fir eng besser Integratioun fir d'Schüler, Jonker mat engem Handicap, fir dass se eng Chance hunn, zu enger Qualifikatioun ze kommen.

An et ass also och e klenge Schrëtt um Wee vun der Ëmsetzung vun der Konventioun vun de Rechter vun de Persoune mat Handicap, déi jo muer an dësem héijen Haus gestëmmt gëtt.

Duerfir villmools Merci!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci der Madame Éducatiounsministesch. Domadder wier d'Diskussioun ofgeschloss, a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6251 ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Christine Doerner), MM. Fernand Boden (par M. Jean-Paul Schaaf), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Félix Eischen), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Lucien Thiel, Lucien Weiler (par M. Paul-Henri Meyers), Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri (par Mme Claudia Dall'Agnol), Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer (par M. Carlo Wagner) et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombera (par M. Gast Gibéryen), Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen dann elo zum Projet de loi 6243 iwwert d'Erhale vun der Privatsphär an den elektronesche Kommunikatiounen. Hei ass d'Riedezäit nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Bettel, Fayot an Adam. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Lucien Thiel. Här Thiel, Dir hutt d'Wuert.

7. 6243 - Projet de loi portant modification
1) de la loi modifiée du 30 mai 2005 concernant la protection de la vie privée dans le secteur des communications électroniques;
2) de la loi modifiée du 2 août 2002 relative à la protection des personnes à l'égard du traitement des données à caractère personnel;
3) de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État;
4) du Code de la consommation

Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Media, des Communications et de l'Espace

M. Lucien Thiel *(CSV), rapporteur.*- Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, de Paquet Télécom ass wuel jiddwerengem heibannen e Begréff, an dat spéitstens säitdeem dëst Haus viru véier Joer eng Rëtsch vun Direktiven - et waren der genee eng hallef Dosen - an d'Nationalrecht ëmgesat hat, déi sech ëm déi eenzel Aspekter vun der elektronescher Kommunikatioun gedréit hunn.

Un a fir sech däerf ee sech dann elo froen, firwat knapps véier Joer duerno nees Direktive fir ëmzesetzen op eisem Dësch leien, déi sech mat genee deemselwechte Sujet befaassen.

Mä d'Äntwert ass liicht, op d'mannst fir déi, déi sech e bësse méi intensiv mat deenen neimoudeschen Instrumenter wéi der digitaler Televisioun, dem Smartphone, dem Tablet - ech hätt och kënnen iPhone an iPad soen, mä ech wollt hei keng Reklamm fir e bestëmmte maachen - erëmklappen.

(Interruption et hilarité)

Dat sinn…

Majo, esou war et geduecht. Dir hutt dat direkt gemierkt.

Dat sinn nämlech Saachen, vun deenen een deemools, wéi den éischten Télécomspak ficeléiert ginn ass, bal nach guer näischt wousst. Geneesou wéi deemools Breetband- a Fiberglaskabel héchstens den Technikspezialisten e Begréff waren an nach keen dru geduecht huet, datt mir enges Dags total vernetzt wieren an datt eise ganzen…

(Brouhaha)

M. le Président.- Ech bieden Iech, dem Här Thiel nozelauschteren!

M. Lucien Thiel *(CSV), rapporteur.*- Et ass vläicht net interessant genuch, dat do.

Une voix.- Dach!

(Brouhaha)

M. Lucien Thiel *(CSV), rapporteur.*- …an datt eise ganze Wëssensarsenal souguer iergendwou op enger Wollek - Dir wësst jo „cloud computing" - schwiewe géif.

A well dat esou séier gaangen ass, blouf soss näischt iwwreg, wéi och dee regulatoreschen Encadrement un déi rasant Entwécklung unzepassen, wat dann 2009 geschitt ass, wéi zu Bréissel zwou Direktiven an ee Reglement an eng nei Télécom-Versioun agepaakt gi sinn, mat där, fir am Fachjargon ze bleiwen, en Update vun deenen ale Regele gemaach ginn ass.

Déi zwee éischt Volete vun deem neien Télécomspak, an deenen et notamment ëm eng geséchert a gläichméisseg Versuergung vun alle Konsumenten an ëm de fräien Zougang zum Internet fir jiddweree goung, goufe viru fënnef Méint hei an dësem Haus ofgehaakt, wéi mir de 27. Januar zwee Gesetzer gestëmmt hunn, déi d'Bréisseler Virgaben an d'national Législatioun ëmgesat hunn.

Net dobäi waren deemools déi Regelen, déi mam Dateschutz am Telekommunikatiounsberäich ze dinn hunn. Dat ass en zimlech delikaten an och e komplexe Sujet, deen duerfir och e bësse méi Zäit gebraucht huet. Mä haut ass och dee Volet prett a waart drop, vun Iech ofgeseent ze ginn.

Et geet bei dësem Ëmsetzungsgesetz virun allem ëm zwee grouss Uleiessen: Engersäits soll d'Protektioun vum Privatliewen duerch en effikassen Dateschutz verstäerkt ginn, an anerersäits soll d'Fonctionnéiere vun där Instanz, déi grad duerfir viru sechs Joer an d'Liewe geruff gouf, nämlech d'Commission nationale pour la protection des données, ofgekierzt CNPD, nach verbessert ginn.

Et ass evident, datt jiddwer Bierger datselwecht Urecht op Protektioun vu senger Privatsphär huet. Och wann et hautdësdags in ass, säi Séile-Striptease um Facebook an ähnlechen exhibitionistesche Foren ze maachen, ännert dat näischt drun, datt jiddweree weiderhin dat Recht huet, säi Privatliewe géint de Virwëtz vun dobaussen ofzeschiermen, an datt et dem Gesetzgeber seng Flicht ass, fir eng adequat Protektioun ze suergen.

Dat geschitt dann och mat dësem Gesetz, dat dee Schutz vun der Privatsphär op dee leschte Stand vun der technologescher Entwécklung hieft. Et ass jo gewosst, datt de Virwëtz keng Grenze kennt an och net virun deem Eenzelne senger Hausdier haltmécht. Och wann esou e Virwëtz éischter harmlos a souguer duerchaus mënschlech ka sinn, well e sech éischter am Beräich vun deem beweegt, wat mer op gutt Lëtzebuergesch de Beschass nennen, kann hien awer och ausaarten an dann zur reeller Gefor fir deen Eenzelnen a fir d'Gesellschaft ginn.

Dat ass ganz eendeiteg de Fall an Diktaturregimen, déi ouni eng intensiv Iwwerwaachung vun hire Bierger net auszekomme mengen an duerfir all méiglech Bespëtzelungsinstrumenter asetzen. Mä och an deene méi ziviliséierte Länner geet d'Spionitis ëm, sief se vun uewen erof gesteiert an och souguer heiansdo berechtegt, nämlech dann, wann et ëm d'Sécherheet vum Stat oder ëm d'Bekämpfung vun Terrorismus an der organiséierter Kriminalitéit geet, oder sief et, well Geschäftsmécher derhannert stiechen, déi sech un där uraler Wourecht orientéieren, datt Wësse Muecht bedeit, an déi dann hiert Wëssen um Bockel vun hiren Affer zu Mënz ze maache versichen.

Dat alles gëtt natierlech haut doduerch vill méi einfach gemaach, datt et all méiglech Instrumenter gëtt, mat deenen ee sech an d'Privatliewe vum Eenzelnen eraschläiche kann, ob elo als kriminellen Hacker, fir anere Leit hir Bankkonten ze plëmmen, oder nëmmen als „Schmalspur-James-Bond", dee mat sengem Handy heemlech verfänglech Fotoe vu Promië schéisst, fir se engem Revolverblat ze verkafen.

An dësem Gesetz geet et ëm den Asaz vun den Telekommunikatiounsinstrumenter an dorëmmer, ze verhënneren, datt déi Instrumenter mëssbraucht ginn, fir an d'Privatsphär anzebriechen. Datt do déi sougenannte Bedreiwer, also d'Acteure vun der Mobiltëlefonie eng zentral Roll spillen, läit wuel op der Hand, well bei hinne lafen all déi Sträng zesummen, iwwert déi d'Telekommunikatioun geschitt.

Duerfir ginn zum Beispill an deem neie Gesetz d'Provideren dozou ugehalen, der CNPD, also der Iwwerwaachungsinstanz, direkt Meldung ze maachen, wa si eng Attack op d'Privatsphär an hirem Réseau entdecken. A si ginn doriwwer eraus och obligéiert, an deem Fall hire Client oder hir Clientë vun där Attack, vun deenen Attacken an d'Bild ze setzen.

Datt déi Gratwanderung tëschent engem offenen an am Prinzip net kontrolléierten Netz op där enger Säit, an der Protektioun vum Individu op där anerer Säit net ëmmer einfach ass, sief un engem Beispill illustréiert.

Laut Gesetzesprojet sollten am Fall, wou een den 112 urifft, eng Rei vun Informatiounen, ënner anerem d'Internets- an d'Facturatiounsadress vum Uriffer, gespäichert ginn, fir datt d'Police an d'Rettungsdéngschter genee am Bild sinn, besonnesch, wann deen Uruff aus engem Betrib an net vun engem Privatuschloss kënnt. Well do all méiglech Detailer iwwert den Uriffer sollten enregistréiert ginn, hunn net nëmmen d'Providere sech géint deen techneschen Opwand gestäipt, deen domat verbonnen ass, mä et ass och vum Statsrot gesot ginn, dat géif nun awer wierklech ze wäit. Är Kommissioun huet sech dunn där Meenung ugeschloss a si huet d'Lëscht vun den Informatiounen op den absolut noutwendege Minimum gekierzt.

Nach méi Kappzerbrieches wéi d'Protektiounsbarrière ronderëm deen eenzelne Konsument an deem seng Privatsphär awer huet deen zweete Volet vum Gesetz bei der Ausaarbechtung gemaach, dee sech op d'Iwwerwaachungsinstanz selwer, nämlech op d'CNPD bezitt.

Dat huet notamment domat ze dinn, datt d'CNPD als staatlecht Kontrollorgan mat enger gewësser Autoritéit ausstafféiert ginn ass, zu där och d'Aussprieche vu Sanktiounen an d'Verhänke vu Geldstrofe gehéieren. Wéi scho méi dacks bei deenen dräi aneren Instanzen, déi eng ähnlech Missioun ze erfëllen hunn - Dir wësst: d'CSSF, den ILR an de Commissariat aux Assurances -, huet och dës Kéier de Statsrot d'Ouere gespëtzt, well et ëm d'Kompetenz vun deenen éischter als harmlos Établissements publics agestuuften Iwwerwaachungsinstanze geet. Hien huet do e Problem dermat, datt déi gewëssermoosse Polizeibefugnisser kréien, well si jo eigentlech an hirem jeeweilege Beräich och als Polizei agéieren.

Dës Kéier konnt de Problem an domat eng vun den Oppositions formelles vum Statsrot aus der Welt geschaf ginn, andeems iwwer en Amendement d'Méiglechkeet vun engem Recours en réformation virum Verwaltungsgeriicht agebaut gouf, fir de Fall, wou een net mat der Sanktioun vun der CNPD d'accord wär.

Domat ass awer deen éiwege Problem vun deene Kontrollinstanzen nach ëmmer net geléist, déi aus dem angelsächsesche Recht stamen a keng esou eng richteg Plaz an eisem laténgeschen Droit fannen. Urspréngglech aus dem Prinzip vum Autocontrôle entstanen, wéi mir e bei eis bei den Dokteren, bei den Affekote kennen, sinn déi Organer vum Législateur mat offizielle Missioune chargéiert ginn, déi se awer nëmmen dann assuréiere kënnen, wa si mat deenen noutwendege Moyenen ausgestatt ginn. An dozou gehéiert och eng gewësse Polizeigewalt. Mä déi kollidéiert dann direkt erëm mat eisen agefuerene Rechtstraditiounen.

Et ass net fir d'Éischt, datt ech vun dëser Plaz aus fir en eegene Statut fir dës Instanze plädéieren, fir datt si endlech hir Verankerung an eiser Statsorganisatioun fannen. Wat hei feelt, ass eng horizontal Regelung an der Plaz vun deene Silosgesetzer, déi jiddwer Kontrollinstanz fir sech behandelen an zum Deel och ënnerschiddlech encadréieren.

Dat brëngt da souguer mat sech, datt zum Beispill d'Personal net ëmmer d'selwecht behandelt gëtt. Firwat misste mir soss extra an dësem Gesetz festhalen, datt d'Membere vun der CNPDs-Direktioun de Fonctionnairesstatut zegutt hunn, wéi dat bei hire Kolleegen an deenen dräi aneren Institutioune säit jeehier de Fall ass?

Dir gesitt, d'Aarbecht geet eis hei an der Chamber nach esou bal net aus, och wa mir ëmmer, ëmmer méi vun deene Regelen, déi mir hei ofseenen, vu Bréissel virgeknat kréien an dann och nach gesot kréie vun deeneselwechten zu Bréissel, fir wéini mir se ëmzesetzen hunn. Am Fall vun dësem Gesetz war dat eben den 28. Mee dëst Joer. Mir sinn also elo nach bal am Délai, awer nëmme bal.

Duerfir gëtt et och héich Zäit, datt mer deem Gesetz eis Zoustëmmung ginn.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Rapporteur Lucien Thiel. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Xavier Bettel agedroen. Här Bettel, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Xavier Bettel *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir haten an eiser Fraktiounssitzung eng länger Diskussioun iwwert dee Projet. Tatsächlech, wann een och kuckt, wéi d'Dispositions législatives am Ausland sinn an den Exposé des motifs, do steet dran: «Une vie sauvée vaut mieux que la vie privée.»

Dat ass e bëssen d'Konklusioun vun deem heiten Text, wou ech awer och wëll selbstverständlech dem Rapporteur Merci soen an och net méi op den techneschen Detail wëll agoen.

Firwat ech dat soen, dat ass, well am Fong elo mat där doter Législatioun - ech mengen, et ass den Artikel 5, deen dat virgesäit -, wann eng Persoun, déi en Appel de secours op den 112 oder op den 113 mécht, deen, deen den Uruff kritt, automatesch am Fong da weess, mat wiem en ze dinn huet. Dat heescht, en huet dann en Numm, en huet eng Adress vun där Persoun, déi do telefonéiert.

Et gëtt selbstverständlech Argumenter, déi derfir schwätzen; Argumenter, dass ee seet géint d'Fausse alerte. Dat ass awer elo net dee wichtegsten, mä dat heescht, een, deen elo géif bei d'Police oder bei d'Pompjeeën uruffen, fir eng Fausse alerte ze maachen, dass dat selbstverständlech dann och méi einfach ka bestrooft ginn.

Mä virun allem geet et drëms, wann et enger Persoun schlecht ass, si e Schlag mécht oder et hir net gutt ass a si telefonéiert a si kann op eng Kéier net soen, wou se ass oder wie se ass, dass een da kann erausfannen, wien ugeruff huet a wou déi Persoun sech befënnt an och kann d'Secoursen dohinnerschécken.

Et soll een awer och net vergiessen, dass aner Leit op den 113 uruffen, deenen et net schlecht ass, mä déi einfach en Akzident wëllen dénoncéieren, déi e Fait wëllen dénoncéieren. An ech kann Iech e Beispill ginn. Regelméisseg si bei der Police Leit, déi telefonéieren, well d'Nopere sech zerstreiden, wou Violences domestiques dra sinn. Et si souguer d'Kanner, déi heiansdo uruffen, well de Papp der Mamm meeschtens jo dann der gëtt, an dann d'Kanner wëllen uruffen a selwer net kënnen intervenéieren, well se Angscht hunn, selwer geschloen ze ginn. An de Risiko besteet, dass duerno am PV vun der Police op jidde Fall dann erauskënnt, wien telefonéiert huet. Wann ee kuckt, wéi meeschtens och d'PVe geschriwwe ginn, da steet do: „Um 18:43 Uhr kam ein Anruf von..., geboren...", etc, etc.

Wann dat de Fall wier, selbstverständlech, Här President, kann et do Niewerisquen hunn, dass scho verschidde Leit, déi bereet wieren, anonym unzeruffen, fir eppes ze dénoncéieren - wéi zum Beispill bei den Noperen, et weess een net an engem Appartementshaus, ob et dee vu lénks, vu riets, vun driwwer oder vun drënner ass, déi awer bereet wieren, esou e Fait ze dénoncéieren -, dann éischter sech soen: „Komm, ech mësche mech léiwer net an, mam Risiko, dass soss den Noper weess, wien telefonéiert huet a wien et gesot huet."

Dowéinster muss ee sech d'Fro stellen, ob et net eng Atteinte à la vie privée ass. An ech hat och an der Kommissioun gefrot, ob et net méiglech wier, fir dass den Usager kéint bei sengem Abonnement eng Case hunn, wou e kéint dropschreiwen, ob en averstanen ass oder net, dass seng Donnéeën esou automatesch da weidergeleet ginn.

Firwat? Well - ech hunn Iech et virdru gesot - menger Meenung no verschidde Leit, déi soen: „Wann ech eppes gesinn oder eppes weess oder wëll soen, awer net onbedéngt wëll, dass gesot gëtt, dass ech et sinn", awer d'Recht kënne behalen, eppes ze dénoncéieren, an net dass direkt gesot gëtt: „Hei, bonjour, Här Bettel, Är Adress, Är Tëlefonsnummer, mir wëssen alles iwwer Iech, Äre Gebuertsdatum" -, wann een einfach eng Nummer composéiert.

Et ass eng Acceptation des risques. Dat heescht, dass de Client dann, wann e säin Abonnement ënnerschreift, seet: „Ech sinn averstanen oder net, a wann et mer ebe schlecht geet, wann et mer schlecht gëtt, wann ech e Schlag maachen oder wann ech net méi ka schwätzen, sinn ech bereet, dass, wann ech telefonéieren an net ka schwätzen, ech eben dee Risiko aginn."

Mir mengen, dass et wichteg gewiescht wier, dass een dem Bierger, dem Usager, deen en Abonnement ënnerschreift, déi Méiglechkeet hätt kënne ginn, dass en hätt kënne soen: „Ech wëll net, dass meng Nummer mat transmittéiert gëtt, wann ech op esou eng Nummer uruffen." Mir fannen et schued, dass déi Dispositioun do net drakomm ass.